



FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG A.S.B.L.

Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc
Organisation pour la Protection de la Nature agréée par arrêté ministériel du 3 octobre 2005

Bureau : 15, rue de l'École L- 9167 MERTZIG
Tél. 26 880 988 ou 621 294 453 Fax : 26 880 989

E-mail: info@fshcl.lu – Internet: www.juegd.lu ou www.fshcl.lu



Märzeg, den 31. Oktober 2018

Verhalen ob a no der Juegd am Wëssen em di Afrikanesch Schwéngspescht (ASP).

D'ASP ass eng Viruskrankheet di ob direktem Wee – also vu Schwäin zu Schwäin – awer och ob indirektem Wee kann iwwerdroe ginn. Dësen indirekte Wee ass dee wou mir als Jeeër kennen oppassen an eppes maachen. Ass e Wëllschwäin ugestach mat der „ASP“ gëtt de Virus iwwert all Weeër verbreet.

Dat heescht d'Ausscheidung vum Schwäin, d'Blutt an och d'Fleesch – alles ass ustiechend!

Dat heescht och, dass e Mënsch dee Virus mat allem wat e Schwäin oder seng Ausscheidung beréiert, ka weiderdroen.

Wat kann een als Jeeër lo maachen:

Dat wichtegst ass de Virus net mat heem oder an e Bauerebetrib mat eran ze huelen.

Also:

- Net mat de Schong an de Kleeder aus dem Bësch an e Betrib goen.
- Am beschten déi éischt 72 Stonnen nodeem ee Kontakt hat mat engem Wëllschwäin net an e Schwéngsbetrib, an déi éischt 24 Stonne net an en aner Bauerebetrib goen.
- Schong an all Material aus dem Bësch wäschen an desinfizéieren.
- Wat fir Iech gëllt, gëllt och fir ären Hond! (also dee musst der net bannen a baussen desinfizéiere mee Féiss wäsche wann se voll Bulli si wier gutt, an de Rescht och wann en un de Schwäi war...).
- Am beschten d'Schong aus dem Bësch wiesselen ier een an den Auto klemmt, oder eng Matt bei d'Féiss leeën di een dono kann eraushuelen a wäschen.
- Wann een aus berufflechen oder anere Grënn muss an e Betrib, dann ee puer Schong fir an de Betrib an Eent fir an de Bësch.
- Doudeg Wëllschwäin net selwer beweege mee de Fierschter ruffen, dass en et apaakt an an de Labo féiert.
- Reegelméisseg de Bësch ofsichen no doudege Schwäin.

Virun der Klappjuegd:

- Iech iwwerleeën ob der net léiwer wëllt eng Dreckjuegd maachen, dëst fir, dass d'Schwäi manner beweegt ginn. D'Resultater sinn net mi schlecht. Well d'Schwäi manner séier kommen, ass et mi einfach propper unzesprieche an ze schéissen.
- D'Nummer vun der ANF parat hunn fir ob der Hotline unzeruffen: **402201-666**.

- An der Ried uschwätze wat ze maachen ass wann ee während engem Dreiwien en doudegt Wëllschwäin fënnt. Am beschten eng Nummer mat gi vun engem vun de Piechter fir unzeruffe wann eppes ass, näischt upaken an d'Honn ewechhalen.
- Un Iech ze decidéieren ob der wëllt d'Juegd ophalen oder weiderdreiwen.

Ob der Klappjuegd:

- Sou wéineg wéi méiglech Autoen am Bësch.
- Transport vun de geschossene Wëllschwäin an enger Wann oder an engem Unhänger aus deem et net erausdreppst, an déi dono kenne gewäsch a wann néideg desinfizéiert ginn.
- Keng Wëllschwäin am Bësch opbriechen a keen Oproch vun engem Schwäin am Bësch leie loossen.
- Virun an nom opbriechen d'Hänn wäschen. Am beschte mat Waasser a Seef.
- All Offall vun Wëllschwäin an engem "centre de collecte" entsueren.
- Méttel zur Verfügung stellen, dass d'Invité'en kenne Schong a Stiwwele desinfizéieren an hiert Material kenne wäschen.

Dr. Malou GRASGES
Vétérinaire